**Commentaire Budget 2025/26**

**Anne HUBERTY**

**Conseil communal du 08.12.2025**

Madamm Buergermeeschter,

Dir Hären aus dem Schäfferot,

Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot,

Léif Bierger aus der Gemeng Hesper,

Wéi schonn déi Jore virdrun, esou well ech och dëst Joer dem Schäfferot zu engem detailléierten an transparente Budget felicitéieren an all deenen, déi um Ausschaffe vun dësem Dokument bedeelegt waren, e grousse Merci soen.

Merci och dem Här Leven fir seng ausféierlech d'Präsentatioun iwwert eis Gemengefinanzen, déi zwar ganz gesond sinn, een allerdéngs an Zukunft sollt drop oppassen, dat een d'Personalpolitik am Ae behält fir dat d'Zuelen am Ordinaire net explodéieren oder kontinuéierlech an d'Luucht ginn fir dat de Budget am Equiliber bleift.

Als Presidentin vun der Sozialkommissioun a vum Vivre ensemble interculturel interesséiert mech virun allem de soziale Volet an dësem Budget.

Ech hu mir dëst Joer déi Beräicher erausgepickt, déi mir besonnesch um Häerz leien a fir déi ech mech och perséinlech staark maachen, dat sinn eis (1) d'**Kanner a Jugendlech** engersäits, op der anerer Säit (2) **déi eeler Generatioun** an awer och all (3) **déi Léit déi et am Liewen net esou gutt getraff huet** an déi eis Ënnerstëtzung brauchen.

An enger Gemeng mat engem Taux vu 54% Net-Lëtzebuerger mengen ech, ass zudeem mäin (4). Punkt, nämlech **d'Integratioun** e wichtegt Stéchwuert. Wann ee bedenkt, dat an eiser Gemeng 129 Nationalitéite beieneen a matenee wunnen, dann ass dat e grousse Challenge, deen een awer duerchaus och zu senge Gonschten notze kann.

Ufänken well ech mat eise jéngste Matbewunner.

**(1) Kanner a Jugendlech**

D'Populatioun an der Gemeng Hesper wiisst rasant, mëttlerweil wunnen offiziell 17245 (Stand 14.11.25) Leit an eiser Gemeng. Dat bréngt mat sech dat och ëmmer méi Kanner an d'Schoule ginn. 1314 Kanner sinn an 93 Klasse bei eis an de Grondschoulen ageschriwwen, Tendenz steigend. D'Gemeng leet grousse Wäert drop eis Schoulen ëm- an auszebauen a si um leschte Stand ze halen. Sinn 2025 schonn iwwer 9 Milliounen Euro an eis Grondschoulen investéiert ginn, esou ass fir 2026 nach eemol bal dee selwechte Montant am Budget Extraordinaire virgesinn - Suen, déi beispillsweis an déi nei Schoul zu Alzeng oder awer an d'Renovatioun an d'Extensioun vun der Schoul um Houwald-Plateau fléissen. Dobäi gëtt och drop opgepasst dat déi energeetesch Sanéierung net ze kuerz kënnt, wéi beispillsweis déi vum Bâtiment C um Schoulcampus zu Hesper.

Eis Structures d'Accueil (Créches a Foyer'en) ginn Hand an Hand mat de Schoulen, et gëtt Wäert op eng enk Vernetzung geluecht. Dofir war ech frou an den Dépenses Extraordinaires ze liesen, dat nieft de bal 5,1 Milliounen déi schonn dëst Joer an eis Structures d'Accueil investéiert gi sinn, 2026 nach eemol bal 5,3 Mio Euro budgetiséiert ginn.

Jonker a Kanner sinn e wichtegen Deel vun eiser Gesellschaft, dofir versicht d'Gemeng vill Aktivitéiten an Ulafplaze fir déi jonk Bewunner ze schafen.

Esou eng Plaz ass z.B. eist **Jugendhaus**. Vu September 2024 bis August 2025 hat de Jugendtreff 4635 Visiteuren, 378 intern an extern Aktivitéite mat 1785 Participatiounen. Och Interventiounsgespréicher fanne reegelméisseg am Jugendhaus statt, wou d'Haaptsujete virun allem d'Aarbecht, Bezéiungen, d'Schoul an d'Famill sinn. Ech hoffen dat d'Gemeng och an d'Zukunft dofir suergt, dat d'Konventiounen ënnerschriwwe gi fir dëse flotten Treffpunkt fir déi Jonk weiderhin um Liewen ze halen.

D'Gemeng bitt deene Jonken och d'Geleeënheet an der Summervakanz d'Erfarung ze maachen op der **Gemeng ze schaffen,** sief dëst am Entretien-Jardinage, am Oeko-Center oder am Beach Club.

Eng flott Offer sinn och d'**Vakanzaktivitéiten** déi dëst Joer vum 21. Juli bis den 1. August 2025 stattfonnt hunn a wou 477 Kanner encadréiert goufen.

Jonker ze beschäftegen an dat op eng gesond Aart a Weis huet **Hesper beweegt sech** zur Aufgab gemaach. Den HBS bitt ronn 94 Coursen d'Woch un an deenen 1032 Kanner dëst Joer ageschriwwe waren.

Wann ee vu Beweegung schwätzt, läit een Thema no, dat schonn zu villen Diskussiounen hei am Gemengerot gefouert huet: de Bau vun enger eegener **Piscine**. Am Budget extraordinaire hunn ech dann och de Montant vun 100 000 Euro fir eng Etude de faisabilité fonnt – e Projet, deen een nëmme ka begréissen, wann ee gesäit wéivill Kanner hautzedaags net mei richteg schwamme kënnen.

Eng wichteg Ulafstell fir Jonker ass schlieβlech nach eise Projet **Youth and work**, e Projet dee Jonke soll hëllefen sech beruflech nei ze orientéieren. Hei ginn si bei der Sich no enger Ausbildungsplaz oder engem Job ënnerstëtzt, gecoacht a beroden.

E wichtege Projet ass och de Service **„Streetwork"**, e Projet deen an Zesummenaarbecht mat der Stad Lëtzebuerg, der CARITAS, der Croix-Rouge an Inter-Actions, elo och schonn eng Zäitchen hei zu Hesper aktiv ass an deen an Zäite wou Jugendlecher sech selwer ëmmer mei verléieren, ëmmer mei wichteg gëtt.

D'Gemeng denkt awer un déi méi Kleng, déi sech op enger vun eisen iwwer 40 **Spillplazen**, déi d'Gemeng à jour hält an ausbaut a fir déi am Budget 2026 eng hallef Millioun Euro virgesinn ass, kënnen austoben. Dem Schäfferot seng Iddi d'Spillplazen nach mei enk mateneen ze vernetzen andeem ee beispillsweis an Zukunft Themespillplazen virgesäit, ass luewenswäert.

Eis **Museksschoul** ass eng weider Plaz déi vu Jonke vill frequentéiert gëtt. Mat 833 Inscriptiounen huet sech d'Schülerzuel vun 2019 bis haut quasi verduebelt. Dofir ass et begréissenswäert dat mat engem weidere Sall mat Bün zu Itzig zousätzlech Raimlechkeete geschafen gi fir beispillsweis och den Theater ze promovéieren an dem wuessenden Interessi an deem Beräich gerecht ze ginn.

Ech begréissen et awer och dat d'Gemeng **d'Subside** fir d'Veräiner eropgesat huet an esou de Benevolat an d'Jugendaarbecht stäerkt an ënnerstëtzt. Ech war deemno frou ze liesen dat de Subside Jeunes vu 70 op 120 Euro eropgesat gouf. D'Veräiner fëllen d'Gemeng mat Liewen an dofir ass wichteg si och finanziell ze ënnerstëtzen, well ëmmer mei Veräiner op déi Suen ugewise sinn. Dofir kann ech en Ajustement vun de Subsiden an dësem Beräich nëmme begréissen.

Jonker eng Zukunft bidden andeem een se gutt encadréiert war bis elo ëmmer eng Prioritéit vun der Gemeng Hesper, virun allem an enger Zäit wou jonk Léit mat ville Probleemer konfrontéiert ginn an dobäi oft **de Logement** ee vun hiren Haaptsuergen ass. An deem Sënn sinn Institutioune wéi **d'Betreit Wunnen** wichteg an dofir bedaueren ech et zudéifst dat de Projet vum Betreite Wunnen 3 net konnt ëmgesat ginn a Projet'en déi an déi Richtung ugeduecht waren, net weider consideréiert goufen.

D'Demandë vu Jonken op der Sich no enger Wunneng bleiwen extrem héisch, mir hu momentan eng Waardeléscht vun 131 Persounen. Zur Zäit stinn deene Jonken am Betreit Wunnen 1, 4 Eenzelzëmmeren zur Verfügung, am zweeten Haus sinn et der 7. Vu September 2024 bis September 2025 sinn 131 Demanden erakomm, dat ass eng Hausse vu 14 Demandë par Rapport zum leschte Joer. Dëst sinn alarméierend Zuelen, wann ee bedenkt, dat virun 3-4 Joer dës Lëscht bei ëm déi 80 Demandë stoung. Dofir ass et a mengen Ae predominant d'Chargée de direction vun dëser Struktur och a virun allem personell ze ënnerstëtzen. Meng Fro un déi Responsabel: Wei geet et an Zukunft viru mam Betreite Wunne I + II? Bleiwen déi 4 Eenzelzëmmer am Betreite Wunne I bestoen a gëtt och an de nächste Joren an de Logement vu Jonken a prekäre Situatiounen investéiert?

An deem Kontext denken ech och un d'Konventioun tëscht der Gemeng an der CARITAS déi opgeléist gouf a wou op der Route de Thionville (Parzell FALZ) ursprünglech e Projet fir intergenerationellt Wunne virgesinn war. Ass hei eppes Neies fir Jonker ugeduecht, a wa jo, wéi gesäit deen neie Projet aus?

Jonker abordabele Wunnraum zur Verfügung ze stelle soll eng Haaptprioritéit vun der Gemeng sinn. An deem Sënn uschléissend och nach meng Fro nom abordabele Wunnraum am Bâtiment mixte op der Place Pol Jomé: Bleift et bei deenen 20 Wunnenge fir Jonker zu engem soziale Präis?

### (2) Senioren

An der Gemeng gëtt awer net nëmme vill fir déi Jonk gemaach, mee d'Offer fir déi eeler Generatioun ass och grouss. Virun allem d'**Clubhaus Am Säitert** am Centre Thoma bitt vill ënnerschiddlech a flott Aktivitéiten un an huet als Ziel dem Isolement vun eise Senioren entgéintzewierken, si aktiv an dat soziaalt Liewen anzebannen an ze integréieren. 90 Aktivitéiten goufen 2025 ugebueden an d'Clubhaus zielt aktuell 746 aktiv Memberen. Interessant ass och de Fait dat mat 67% virun allem lëtzebuerger

Senioren un den Aktivitéite deelhuelen, awer och bei der auslännescher eelerer Populatioun d'Clubhaus ëmmer mei bekannt a beléift gëtt an d'Offer mëttlerweil och vun italieneeschen, portugiseschen oder franséische Matbierger ugeholl gëtt. Hunn d'lescht Joer nach 9710 Leit un den ugebuedenen Aktivitéiten a Formatiounen deelgeholl, esou waren et der 2025 iwwer 12000 bei enger Offer vun 1550 Seancen, dat ass eng Steigerung vu 24%! Ech mengen dës Zuele schwätze fir sech.

Wat de Projet vun der **Maison de retraite et de soins** déi um Houwald nieft der Maison des ainées *Beim Klouschter* ugeet, esou si 700 000 Euro am Budget fir 2026 virgesinn. Dëse Projet vun engem Pfleegeheem mat zousätzleche 60 Better ass iwwerschafft ginn an ech hoffen dat de Projet geschwë kann ëmgesat an d'Baggere fuere gelooss ginn. Dofir och hei meng Fro un de Schäfferot no News an dësem Dossier.

Eng flott Ulafplaz virun allem fir eis eeler Matbierger ass a bleift de **CIGL.** Iwwer déi lescht 3 Joer hunn 998 Awunner (60+) hire Service mindestens eemol an Usproch geholl.

Si bidden z.B. den Noperschaftsdéngscht, d'Hesper Geschierkëscht un. An dësem Service sinn dëst Joer 2571 Ufroen traitéiert ginn, dat sinn der 42 mei par Rapport zum leschte Joer. Am Beräich vun der Haushaltshëllef hat de CIGL dëst Joer 768 Client'en.

Och am Beräich vun den Aarbechtsmesuren an der Integratioun leescht de CIGL eng gutt Aarbecht. 29 Demandeurs d'Emploi sinn hei a Vollzäit beschäftegt an am Kontext vun der Reinsertioun hunn 2025 43% vun hire Leit eng nei professionell Erausfuerderung fonnt an ugeholl (dat ass sage und schreibe eng Hausse vun 29% par Rapport zum leschte Joer). Den CIGL ass soumat e gutt Beispill fir eng Institutioun déi déi sozial Inclusioun färdert an sech esou aktiv um lokale Plang fir d'Léit asetzt.

E **Groupe de travail** bestoend aus Membere vum GERO, CNAPA, dem Direkter vum CIPA a Léit vun der Gemeng trëfft sech reegelméisseg fir iwwer aktuell Probleemer am Beräich vun der **santé mentale** ze diskutéieren an hei virun allem de Besoine vun den eelere Leit gerecht ze ginn.

De **Repas sur roues** gëtt weiderhin ausgebaut a gëtt mat engem Montant vun 360 000 Euro fir 2026 budgetiséiert – eng Offer déi et virun allem villen eelere Léit erlaabt eng Zäitche mei laang autonom doheem ze wunnen.

Och de Service **A vos côtés** deen elo mol fir 1 Joer als Pilotprojet an der Gemeng leeft, ass eng Ënnerstëtzung fir eis Bierger, virun allem awer och fir eis eeler Matbewunner, déi sech duerch d'Präsenz vun de Sozialaarbechter besonnesch an den Owesstonnen méi sécher solle fillen.

Last but not least well ech nach op eis **Seniorefeier** verweisen, déi den 21. Dezember am Centre Joseph Altmann stattfënnt.

**(3) Sozial Ennerstëtzung**

Mäin drëtte Punkt betrëfft déi Léit, deenen et finanziell an emotional net esou gutt geet. De Logement ass fir dës Léit oft ee vun den Haaptprobleemer.

Als Member vum Conseil administrativ vum **Office Social** hunn ech reegelméisseg Ablécker an d'Dossier'en déi d'Assistant'en traitéieren. Sinn 2011 knapps 300 Demanden traitéiert ginn, esou si mir mëttlerweil bei 420 Demanden, Tendenz steigend. De Logement bleift fir vill Leit a prekäre Situatiounen en Haaptprobleem; eleng 985 Demandë koumen am Beräich vum Logement eran. Vill Leit si gezwongen a Colocatiounen oder a Chambres meublés vu Café'en ze wunnen.

D'Gemeng verfügt iwwer 58 Wunnengen déi si deene Léit kann zur Verfügung stellen, dovun 33 Logements abordables a 25 Logements à loyer modéré. De Fait dat an all Gemengerotssitzung Kontrakter um Ordre du jour sti fir Léit a prekäre Situatiounen ze hëllefen, weist dat d'Gemeng Effort'en an dësem Beräich mécht, awer de Ufro och net ëmmer gerecht ka ginn.

Mam Schafen vun engem „**Service des biens immobiliers**" geet d'Gemeng zudeem e weidere groussen a wichtege Schratt. Nieft der Zur-Verfügung-Stellen vu Wunnenge sinn d'Gestioun a virun allem de Suivi vun de Léit wichteg Pilier'er fir déi Wunnengen esou ze geréieren, dat si och de Léit zegutt kommen, déi se wierklech brauchen. Fir ze rappeléieren huet d'Gemeng momentan 80 esou Wunnengen zur Verfügung, dovun 12 Haiser, 52 Appartementer a 16 Kummeren. 33 Wunnenge sinn zudeem op Grond vun engem „Contrat de bail logement social » zur Verfügung gestallt an 12 op „Contrat de mise à disposition et d'utilisation d'un logement ».

### (4) Integratioun

Als lescht wëll ech op d'Integratioun an eiser Gemeng agoen. An enger Gemeng mat **129 verschiddene Nationalitéite** gëtt de „Vivre ensemble" grouss geschriwwen. 1368 nei net-lëtzebuerger Matbierger huet d'Gemeng Hesper d'lescht Joer op hirem Terrain ageschriwwen. Bei esou enger héijer Auslännerquoot ass et wichteg d'Léit zesummenzebréngen, Brécken tëscht Jonk an Al, Lëtzebuerger a Net-Lëtzebuerger ze bauen an d'Zesummeliewe vun de Bierger duerch d'Offer vu villen klengen a grousse Projet'en ze vereinfachen.

Esou fënnt beispillsweis all 4. Dënschden am Mount de **Sproochecafé Babel** statt wou d'Léit vill verschidde Friemsprooche praktizéieren a sech austausche kënnen.

Den Interêt u frieme Länner bréngt Leit op eise Film-Konferenzen **Exploration du monde** zesummen.

Eis **Fête de l'amitié** am Juni, déi mir all Joer am Park feieren, ass e weidere flotte kollegiale Moment am Joer déi op musikaleschem wei och kulinareschem Plang vill verschidden Nationalitéiten zesummebréngt.

Reegelméisseg fënnt och eise **„Welcome Day"** statt fir deene Resident'en déi an deene leschten 2 Joer an d'Gemeng Hesper geplënnert sinn en Abléck an de Fonctionnement vun der Gemeng an hier Aktivitéiten ze ginn.

Eng weider Austauschplattform ass eise fréiere **„Ronnen Dësch" elo Social Hub** genannt, wou mir dëst Joer den 20. Oktober all d'sozial Ariichtungen aus der Gemeng invitéiert hu fir sech un engem Dësch ze versammelen, mam But sech kennenzeléieren a sech nach mei enk mateneen ze vernetzen. Iwwer 20 Ariichtungen hunn um Social Hub deelgeholl an de Feedback war extrem positiv.

Am Kader vum Pakt vum Zesummeliewen hu mir och de sougenannten **„Biergerpool"** an d'Liewe geruff, eng Newsletter op déi een sech kann abonéieren an déi de Léit nach méi Informatiounen iwwert d'Zesummeliewen an der Gemeng ubitt.

De 16. November huet de **Biergeratelier** am Joseph Altmann stattfonnt. Iwwer 70 Leit haten de Wee dohi fonnt a konnten a flotte Workshops bei enger gudder Gulaschzopp hier Meenung zum Thema Diversitéit an Diskriminatioun deelen. D'Resultater vun dësem fruchtbaren Austausch kënne mir iech och gär am nächste Gemengerot präsentéieren, falls dat gewënscht ass.

Déi zwee **lëtzebuergesch Cours'en** déi d'Gemeng am Kader vun der Integratioun ubitt si matt 55 Inscriptioune gutt besicht an ëmmer séier ausgebucht.

Dëst fir nëmmen e puer Projet'en ze nennen, déi am Kader vun der Integratioun an eiser Gemeng reegelméisseg stattfannen.

---

Wann ech mir elo ofschléissend ukucken, wat d'Gemeng Hesper alles an de Kanner- a Jugendberäich investéiert an ech och gesi wéivill fir eis eeler Léit ugebuede gëtt nieft de groussen Efforten déi zudem am Integratiounsberäich gemaach ginn, kann ech de Schäfferot nëmmen encouragéieren op dëser Schinn virunzefueren.

Wënsche géing ech mir an Zukunft allerdéngs dat een d'Betreit Wunnen net ausbludde léisst a weiderhin Effort'en am Logement gemaach ginn, grad fir Jonker a prekäre Situatiounen.

Virun allem well de Schäfferot am leschte Gemengerot betount huet, dat d'Schafen vun abordabelem Wunnraum wichteg ass, géif ech mir wënschen dat een dës politesch Prioritéit nach mei kloer am Budget géif erëmfannen.

Um Ënn vu mengem Commentaire, wëll ech awer och nach e puer MERCI'e lassginn:

Merci allen Acteuren a Benevollen déi sech op iergendeng Aart a Weis um soziale Plang engagéieren.

Merci dem Gemengepersonal, wat ëmmer hëllefsbereet ass a versicht esou séier wei méiglech de Probleemer vun de Leit Rechnung ze droen.

Iech, Madamm Buergermeeschter a natierlech dem ganzen neie Schäfferot wënschen iech weiderhin eng glécklech Händchen an hoffen dat dir och an Zukunft an eis jonk an an eis eeler Leit investéiert, weiderhin d'Integratioun vun alle Matbierger ënnerstëtzt, en oppent Ouer hutt fir Léit, virun allem Jonker, deenen et vläicht net esou gutt geet, bref dat dat Soziaalt och an d'Zukunft fir iech eng politesch Prioritéit bleift, esou wei dat bis elo de Fall war.

Mäi Merci geet awer haaptsächlech un iech dobaussen, merci léif Nolauschterer, dat dir eis Aktivitéiten a Projet'e mat Begeeschterung unhuelt an domadder aktiv zu engem flotten Zesummeliewen an eiser Gemeng bäidrot. Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren!